



10. Juli 2021 / 46

P.I.: Eis Newsletter fand Dir och um Internetsite vun de "Lëtzebuenger Jugendpompjeeën" - Rubrik Jugendleiter - ewéi och deemnächst op eiser Facebook-Säit.

Wäert Moniteuren, Monitricen,  
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kollegeen a Frënn,

Gläich ass Vakanz, wou verschidden Sektioonen och wäerten e klengen Camp organiséieren, dëst natierlech ënnert den néidegen Covid-Mesuren. Aner Sektioonen ginn an de Congé a preparéieren Saison déi am Hierscht dann hoffentlech kann ouni Problemer starten.

**Internationalen Concours 2021 a Slowenien:**

Nach aner Sektioonen fänken mam Training fir den Internationalen Concours un, wëll si wëllen eis Faarwen nächst Joer tëschent dem 17. a 24. Juli 2022 zu Cleje a Slowenien verrieden. Jo, elo fänken si un, wëll dëst brauch vill Training, d.h. Laf-, Kraaft- a Schnelllegkeetstraining.

**Mol-Concours:**

Mir wäerten eis Biller alleguerten ukucken a wäerten déi kleng Kënschtler no der Vakanz informéieren. Merci fir är Biller.

**Mir gratuléieren:**



Mir wënschen Iech alleguerten eng schéin Vakanz mat engem flotten Summer. Bleift gesond.

**Merci am Numm vum JFA!**

## INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)



<https://gd.lu/9Qs3jc>

Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gëtt just iwwert den DPV gemaach  
→ Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder [volontariat@cgdis.lu](mailto:volontariat@cgdis.lu)

2021		
<b>Juli</b>	<b>24.07.</b>	<b>Clervaux</b>
<b>August</b>	<b>21.08.</b>	<b>Mamer</b>
<b>September</b>	<b>25.09.</b>	<b>Wasserbillig</b>
<b>Dezember</b>	<b>18.12.</b>	<b>Bascharage</b>

### **WICHTEG:** >> INFO ZU AKTIVITÉITE VUN DE JUGENDPOMPJEEËN:

Update Juni 2021 > <https://112.public.lu/fr/Coronavirus/Notecovidieunespompiers.html>

#### **Aktivitéite vun de Jugendpompjeeën – Update vum Juni 2021**

Nodeems d'Regierung opgrond vun der aktueller sanitärer Situatioun eng Rei Moosnamen adaptéiert huet an och de CGDIS mat der Note de service unifié «COVID-19 » #18 vum 15. Juni 2021 eng ganz Rei Dispositiounen ugepasst huet, wëlle mir lech mat dësem virleienden Dokument op den neiste Stand brénge wat d'Aktivitéite vun de Jugendpompjeeë betrëfft. Et ass wichteg dat mir trotz der méi entspaanter Situatioun weiderhin dofir suergen, dat sech am CGDIS d'Leit net infizéieren a sech keng Clustere kënnen bilden.

Heibäi baséiere mir eis op d'Consigné vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, deen des nei Consignen den 13. Juni 2021 verëffentlecht huet.

All fréier Notte betreffend d'Aktivitéite vun de Jugendpompjeeë ginn duerch des nei Recommandatiounen integral ersat an Dir braucht lech just nach op dëst virleiend Dokument ze baséieren.

#### **Organisatioun vun Aktivitéiten**

Et ass weiderhi staark recommandéiert all d'Aktivitéiten dobausse stattfannen ze loossen. Déi Responsabel vun der Organisatioun si verantwortlech dat all Moosnamen, déi néideg si fir d'Gesondheet vun de Jugendpompjeeën an de Betreier ze garantéieren, geholl goufen.

Bei Aktivitéiten dobanne mussen d'Kanner a Betreier weiderhi Masken droen.

Et ass och wichteg weiderhin d'Consigné betreffend Hygienesmesurë reegelméisseg ze widderhuelen an d'Gestes barrières anzehalen.

Un enger Aktivitéit duerfen elo nees 50 Leit deelhuele (Betreier abegraff), sou dat Dir Är Jugendpompjeeën nees alleguer zesumme kënnen gesinn. Mir roden awer dovunner of Gemeinschaftsübung mat anere CIS'en ze organiséieren.

Et ass weider recommandéiert eng Presenzlëscht bei allen Aktivitéiten ze féieren, dëst fir am Fall vun enger Infektioun séier kënnen d'Kontakter nozevollzéien.

## lessen an Drénken

Wat d'lessen an Drénken ugeet sou ass Zuel op 4 Leit, déi dobannen op enge selwechten Dësch sëtze limitéiert. Dobaussen duerfen 10 Leit un engem Dësch Plaz huelen. Falls d'Leit déi op engem Dësch setze getest sinn, ass d'Zuel net méi limitéiert.

## Transport

Den Transport vu Jugendpompjeeën an den Asazween vum CGDIS ass nees erlaabt. Wichteg ass awer dat während der Faart jidderen eng Mask unhet.

## Sportsaktivitéiten

U Sportsaktivitéiten duerfe maximal 10 Leit deelhuele, heibäi brauch awer weder Distanz gehalen ze ginn, nach muss e Mask gedroe ginn.

## Deplacementer an d'Ausland

Deplacementer an d'Ausland (ausser am Kader vun Amicalesaktivitéiten) musse beim Département pompiers volontaires ugefroot ginn, déi den Dossier dann un d'Generaldirektioun viru ginn.

## Aktivitéite mat Iwwernuechtung am Land

Et ass nees méiglech fir e Camp oder änlech Aktivitéiten ze organiséieren. Hei gëtt et awer eng ganz Rei spezifesch Reegelen. Dofir soll all Demande fir eng Aktivitéit mat Iwwernuechtung ze organiséieren u [volontariat@cgdis.lu](mailto:volontariat@cgdis.lu) geriicht ginn. Den DPV kuckt dann zesumme mam JFA, dem INFS (Département de la formation spécialisée) a mam Organisateur fir en adaptéiert Konzept auszeschaffen, an lech sou bei den administrativen Demarchen ze ënnerstëtzen.

## Op de leeschten Stëppel:



**SAVE THE DATE**



**12. OKTOBER 2021 | 9.00 - 12.00**  
Informéieren, Austausch, Begéinen

**FOIRE VUN DER JUGENDAARBECHT**

Den Event fir Neies aus dem Secteur gewuer ze ginn a sech auszetauschen.

**Méi Informatiounen fir e Projet virzestellen oder e Stand ze maache kritt dir Ufank September mat der offizieller Invitatioun.**



**FORUM GEESEKNÄPPCHEN**  
40, bld Pierre Dupong, L-1430 Luxembourg

**snj** Service National de la Jeunesse

**Schaffen an de Sektioonen, Wëssenstest zu Wuermer a Moniteur-Formatioun zu Lëntgen:**



**Mir probéieren allegueren Är Wësch mat anzebannen 😊  
Well Dir eis Newsletter'en bestellen oder ofbestellen (gemäss neiem Date-  
Gesetz), da sot eis Bescheid.**